



« Nous avons mis en œuvre les procédures convenues avec vous et indiquées ci-dessous relatives au Compte rendu (financier) 2018 pour la période du 1^{er} janvier 2018 au 31 décembre 2018. [...]

1.1. Vérification de l'enregistrement des recettes dans la rubrique adéquate au niveau du Compte rendu (financier) 2018. Validation des montants significatifs, notamment des dotations de l'État au titre du budget de l'année 2018 en les retraçant par rapport au budget de l'État 2018.

[...]

2.1 Pour les différentes rubriques de dépenses, sur base d'un échantillon vérifier par rapport aux documents comptables, l'exactitude des montants inscrits dans les différentes rubriques de dépenses dans le Compte rendu (financier) 2018.

[...]

3.1 Vérification de la cohérence arithmétique du Compte rendu 2018. » ;

- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 2 décembre 2019,

approuve

les comptes de l'exercice 2018 du Centre pour l'égalité de traitement.

(s.) Diane Adehm.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. Sou wéi den Artikel 167 vun eisem Reglement dat virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet an déi verdeelt ginn ass.

Ass d'Chamber nach eng Kéier d'accord, fir à main levée ofzestëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Ech bieden dann déi, déi mat der Resolutioun vun der Budgetskontrollkommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Och dës Resolutioun ass domat eestëmmeg ugeholl.

Sou wéi den Artikel 167 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un de Centre pour l'égalité de traitement weidergereecht.

11. 7494 - Projet de loi relatif aux registres de l'état civil et portant modification du livre I^{er}, titre II, du Code civil

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien, dem Projet de loi 7494, enger Ofännerung vun de Regëstere fir den État civil. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An als Rapporteur vum Projet de loi steet den Här Charles Margue scho prett. Här Margue, et ass un lech.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleegen a Kolleeginnen, mir maachen eng kleng Modifikatioun vun enger Dispositioun am Gesetz iwwert den État civil. D'Prinzipie vum État civil, vu senger Organisatioun, déi ginn nach op d'Franséisch Revolutioun zrëck, wéi munch aner vun eise Gesetzestexter. Mee dës Dispositiounen aus dem Code civil sinn awer schonns méi oft ugepasst ginn, an dat an de Joren 1968, 1975, 1990 an 2005.

Déi Ännerung, déi mer elo am Gesetz virhuelen, ass e kleng Schrëtt vun enger administrativer Vereinfachung - loosst eis bescheide bleiwen! -, déi awer nach wäit ewech ass vum Paperless. Nächst Modifikatiounen wäerten an den nächste Jore wuel nach eng Kéier fäleg sinn.

Ëm wat geet et? Zënter 2005 dréckt all Gemeng hir Akte vun État civil op speziellem, timbréiertem Pabeier, een Akt pro Blat. D'Gemenge kafen dës eenzel timbréiert Blieder beim Enregistrement um Enn vun all Joer fir dat kommand Joer. Dës Blieder sinn duerchnummeréiert an all - haalt lech elo un! - eenzel paraféiert vum President vum Bezirksgeriicht oder sengem Remplaçant.

(Interruptions)

Zënter 2005 ass dat esou, bis haut. Oder bis den 1. Januar d'nächst Joer.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass wéinstens seriö ...

► **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Ech mengen, Dir kënnt lech den administrativen Opwand virstellen, wat de Stockage an d'Gestioun vun deene Blieder an de Gemengen ugeet. Stellt lech vir, et geet e Blat mat enger Nummer verluer!

(Hilarité)

Da geet d'Diskussioun herno un.

Abee, dës riichterlech Paraff gëtt elo ofgeschaaft an d'Duerchnummeréierung a priori vun de Blieder fällt et ewech. Déi ginn elo an all Gemeng no an no nummeréiert, all Kéier wann en Akt an en État civil opgeholl gëtt, an zum Schluss vum Joer als Regëster gebonnen.

An deem järeleche Regëster steet dann an engem PV dran, wivill Akte gemaach goufen, dat heescht, wivill duerchnummeréiert Blieder dra sinn. Dee Regëster gëtt et an zwee Exemplaren. Ee bleift an der Gemeng an een ass fir de Regëster d'État civil vun de jeeweilege Bezirksgeriichter.

Ech soen hei jidderengem Merci, dass mer dëse Projet a ganz kuerzer Zäit duerch d'Chamber bréngen konnten. Mir kruten e kuerze Retard duerch dem Minister seng Gesondheetssueren am Summer. Mee all Instanzen hu Versteedsdemech gewisen, soudass dës Gesetzesännerung a Kraaft trëtt wéi geplangt, fir den 1. Januar 2020.

Dem Félix Braz wënschen ech vun hei aus weider eng gutt Besserung.

Et war also sportlech. Den Avant-projet de loi hu mer den 23. Oktober fir d'éischt an der Justizkommissioun besprach. De 6. November huet d'Justizministesch de Projet deposéiert.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 10. Dezember säin Accord gi fir dës Vereinfachung um Niveau vum Code civil. De Staatsrot ënnersträicht, dass d'Zouverlässigkeet vum État civil weider garantéiert ass duerch dee Contrôle ex post.

Den 11. Dezember huet d'Justizkommissioun den Avis vum Staatsrot zur Kenntnis geholl a wor averstanen, den Artikel II einfach ze sträichen. De leschte Méindeg, de 16., hu mer de Rapport dunno ugeholl, an de Staatsrot huet, wéi et elo gann kommunikiert ginn ass, gëschter confirméiert, dass dat an der Rei ass, dass mer den Artikel II géife sträichen.

Ech wëll och nach ervirsträichen, dass den 13. Dezember de Syvicol ausdrécklech de Projet am Numm vun de Gemenge begrüsst huet. Ech ginn dovun aus, dass dëse Projet eng grouss Zoustëmmung hei am Haus fënn.

An deem Sënn ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dee Projet. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm agedroen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm (CSV).**- Jo, merci, Här President. Fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur Charles Margue villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport. Et ass wouer, dass et e kuerze Projet de loi ass, dass en e bëssen technescher Natur ass. Mee et ass awer mat Sécherheet e Projet de loi, dee ville Leit wäert an Zukunft d'Liewe vereinfachen. An duerfir kënnen mir als CSV nëmmen den Accord zu dësem Projet ginn, well dat ass einfach geliefte Simplification administrative.

A mir begrëssen et och, dass hei eigentlech am Virfeld emol eng Kéier d'Gemenge virgewart gi si mat deem, wat alles kënnt, an dass och d'Gemenge sech konnten dorop astellen an dass se wëssen, wat dann ab dem 2. Januar, wa se am neie Joer ufänke mat schaffen, Saach ass an dësem Dossier.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. Nächsten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt (DP).**- Merci, Här President. Ech ka mech nëmmen deem unschléisen, wat scho gesot ginn ass, an éischens emol, fir dem Rapporteur, dem Charles Margue, Merci ze soe fir säi Rapport. Et war wierklech e bësse sportlech. Mee et ass derwäert. Ech mengen, mir sinn hei voll an enger Simplification administrative, déi am Interêt vu souwuel dem Tribunal, mee haaptsächlech awer och vun de Gemengen ass. An dofir kann ech och nëmmen den Accord gi vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt. An dann ass et um honorabelen Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, och vun eiser Säit merci dem Charles Margue fir deen interessante Rapport. Ech mengen, et gëtt erëm e klengt Stéck vun der Ierfschaft vun der Franséischer Revolutioun hei zerstiért.

(Hilarité)

Mee ech mengen, et ass awer an engem positiver Sënn, well mer dach e weidere Schratt maachen aus dem Postkutschenzäitalter vum Michel Wolter eraus. Ech mengen, et ass héich Zäit, dass mer déi Vereinfachung do maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- E Kutscher!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo. Dat war awer e Lieblingswuert vum Michel Wolter, wat ech hei dierf erwänen.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo.

(Interruption par M. Michel Wolter et hilarité générale)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech mengen, dass dat do u sech e wichtige Schratt ass. Ech mengen, ech hat och den Androck, dass d'Buergermeeschteren och nach do paraféieren. Ech ka mech erënneren, dass mer ëmmer um Enn vum Joer oder am Ufank vum Joer do ganz vill Blieder ze paraféieren haten. Déi Vereinfachung, mengen ech, ass noutwendeg.

Op där anerer Säit geet et ouni e gewëssene Formalismus an där heiter Matière net méi. Den État civil ass eng ganz kriddlech Matière. Do muss eng gewësse Pedanterie sécherlech sinn, musse Forme respektéiert ginn. An ech denken, dass mat deenen neie Reegelen, déi mer elo gemeinsam festleeën, do awer déi minimal Garantie weider bestoe bleiwe vu Rechtssécherheet a vu Seriö. Dat ass immens wichtig.

An deem Sënn wäerte mer selbstverständlech och deen heiten Text stëmmen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bodry. Den Här Gibéryen, wann ech gelfit.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Charles Margue e grouse Merci an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. A fir de Rescht stëmmen ech deem zou, wat all meng Virriedner gesot hunn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Ech hu keng weider Wuertmeldung. Da kritt d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Justizministerin Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, ech schlësse mech all deene Mercien un, well et war effektiv sportlech. D'Gemenge si schonn drop agestallt fir den 1. Januar. An duerch déi Evenementer, déi mer allegueren kennen, si mer e bëssen a Verzych geroden. Duerfir wierklech der Kommissioun e ganz grouse Merci, fir hei esou séier an effikass geschafft ze hunn, an och dem Staatsrot, deen dat Spill matgemaach huet. Natierlech dem Rapporteur e grouse Merci!

Just nach eng Prezisioun, Här Rapporteur, par rapport zu deem, wat Der schonn alles erkläert hutt: Dat hei ass wuel schonn eng Premiss, fir herno d'Digitaliséierung natierlech an d'Weeër ze leeden. Mee do si mer nach net. Mee mir kommen dohin.

Voilà, merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7494. Den Text steet am Document parlementaire 7494².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7494 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7494 ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7494 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Viviane Reding), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand

Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

12. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des résultats de la 25^e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques dite COP25 à Madrid qui se termine le 13 décembre 2019

D'Chamber féiert elo eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Resultater vun der COP25, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. D'Riedezäit ass nom Artikel 87 (2) vum Chambersreglement festgehalen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här François Benoy, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Paul Galles als Vertrieder vun der CSV-Fraktioun. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. Paul Galles (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, ech hat déi grouss Chance, d'lescht Woch zesumme mam Kolleeg François Benoy op der COP25 zu Madrid d'Chamber dierfen ze verrieden. An et ass ëmmer gesot ginn am Virfeld, et wär eng Iwwergangs-COP. Mir waren deemno ëmsou méi gespaant, wat mer während där Zäit zu Madrid géifen erliewen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Den Hashtag beziungsweis d'Theema vun der COP war: #TiempoDeActuar - time for action. An ech wëll mengem Kolleeg Marco Schank villmools Merci soe fir dat Vertrauen, fir mer no deene ville Joren, wou hien ëmmer un de Weltklimakonferenzen deelgeholl huet a sech ganz aktiv abruecht huet, déi Plaz an och déi Méiglechkeet unzevertrauen, dës Kéier selwer dohinnerzegoen.

An ech muss zouginn, dat alles war fir mech relativ impressionnant an intensiv. Net nëmmen hate mer d'Geleeënheet, um Parlamentarier-treffe mat Deputéierten aus aller Häre Länner zesummenzekommen an aktiv mat hinnen ze diskutéieren. Hei ass mat den allerhéchste Vertrieder vun der Wëssenschaft a vum IPCC iwwert d'Klimawëssenschaft diskutéiert ginn an et ass ëm déi daitlech Feststellung gaangen, dass et elo allerhéchsten Zäit ass an dass mer fir dat Verantwortung müssen iwwerhuelen, wat mer selwer ze verantworten hunn.

An esou evident wéi fir eis wuel deen dote Prinzip ass, sou gouf et zu Madrid awer och eng ganz Rei Länner, déi sech genau där doter Evidenz verspären. An ech wäert herno nach eppes dozou soen.

Mir konnten awer och allegueren déi aner Dimensiounen, nieft dem Parlamentariertreffen, vun esou enger Konferenz erliewen: éischens, déi ganz vill Leit aus der Zivillgesellschaft an och déi onzieleg ONGen, déi present waren a vun deenen Der lech virstelle kënnt, dass ech mat ganz vill Freed an Interesse natierlech op hir Stänn gaange sinn a mech informéiert hunn, wat fir eng Theeme si representéieren a wat fir e Message se eis mat op de Wee ginn.

Zweetens, och déi ganz vill Pavillone vun den eenzele Länner, déi do vertruede waren, a vun de sougenannte „parties“ - Conference of the parties: COP -, wéi zum Beispill och d'EU selwer eng „partie“, also e Stakeholder oder Deelhueler vun esou enger COP ass, déi hir verschidden Approchen zur Klimapolitik duerstelen.

An erlaabt mer ze soen: Et ass schonn zimmlech surreal, wann de Katar, dat Land mat deem allerfräisten Overshoot Day weltwäit, e Stand huet, wou et d'Maquett vum de Fussballstadione vun der nächster Weltmeeschter-